PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/04/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

Am Mee d'lescht Joer hat ech de Minister an enger parlamentarescher Fro op den Télétravail beim Staat ugeschwat. De Minister hat deemools erkläert, dass d'Chefs d'administrations vum Staat hiren Employéeën a Fonctionnairë bis zu 4 Deeg Télétravail kënnen erméiglechen, "do wou et Sënn mëscht".

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet sech tëschenzäitlech eppes un de Virgabe fir den Télétravail geännert? Falls jo, wat fir Ännerungen huet de Ministère rausginn?

2. Wäert et bei bis zu véier Deeg bléiwen an deene Servicer, wou et Sënn mëscht?

3. Wéi vill Beamten hunn an deene leschte 6 Méint vum Télétravail profitéiert?
   Wéi vill Deeg hunn d'Beamten an der Moyenne an der Woch vum Télétravail profitéiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député